LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du
Premier ministre, chargée
des Relations avec le Parlement

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

Luxembourg, le 16 septembre 2024

Personne en charge du dossier :
Patrick Carrilho
☎ 247 - 82946

SCL: PET 3213 - 563 / ak

Objet : Pétition n° 3213 - Demande legalisation Cocaïne dans la vue d'un message de nouvelle pour mon emission "Around the Corner".

Monsieur le Président,

En guise de réponse à la demande afférente de la Commission des Pétitions du 3 juillet 2024, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la prise de position commune de Madame la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale et de Madame la Ministre de la Justice à l'égard de la pétition n° 3213 relative à l'objet sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

La Ministre déléguée
auprès du Premier ministre,
chargée des Relations avec le Parlement

(s.) Elisabeth Margue

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82968
Tél. (+352) 247-82952
scl@scl.etat.lu
legilux.public.lu
gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Prise de position commune de Madame la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale et de Madame la Ministre de la Justice à la pétition n°3213 de Monsieur Pierre Rausch – légalisation de la cocaïne**

Kokain ass eng Drog déi ënner verschidde Formen (Polver, Crack) an op verschidde Manéieren (gesnifft, gefëmmt, inhaléiert oder injektéiert) consomméiert gëtt. De Verkaf, Besëtz a Konsum vu Kokain sinn zu Lëtzebuerg verbueden.

Dëst Verbuet hänkt mat der Ëmsetzung vun enger Rei internationale Konventioune vun de Vereenegte Natiounen zesummen. (Convention unique sur les stupéfiants de 1961, Convention sur les substances psychotropes de 1971, Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes de 1988 visant à combattre le trafic international de drogues, y compris la cocaïne, en renforçant la coopération entre les États).

Kokain ass nom Cannabis déi zweet meescht konsuméiert Drog an Europa an de Kokainkonsum esou wéi och d'Produktioun sinn an deene leschte Joere stänneg eropgaangen. Dës Entwécklung huet och zu méi Fäll vun akuter Vergëftung gefouert[1]. Kokain gëtt vu spezifesche Konsumentegruppen och, trotz bedeitende gesondheetlechen a soziale Risiken, als kognitiven, psychologeschen an / oder kierperleche Kapazitéitsbooster am Beruffsliewen agesat. Vill falsch oder onkomplett Iddien ëmginn säi Konsum. Dobäi hänkt de Konsum vu Kokain mat ville bedeitende gesondheetleche Schied a Risiken zesummen. Dës gi vun staarker a stänneger Middegkeet bis zum erhéichte Suizidrisiko.

Op laang Dauer kann de Konsum vu Kokain verbonne si mat:

- Psychologesche Verännerungen (Aggressioun, Verwirrungszoustand, psychotesch Episoden, Vergréisserung oder Dekompensatioun vu pre-existéierende psychiatresche Stéierungen);
- Kierperleche Schied (verréngert Resistenz géint Infektiounen, neurologesch a kardiovaskuläre Stéierungen, etc.).

Den Ofhängegkeetsrisiko ass bedeitend an dëst schonn nom éischte Konsum.

---

[1] cf.rapport national drogues 2021 PFLDT
https://sante.public.lu/dam-assets/fr/publications/e/etat-drogue-gdl-rapport-relis-2021/ra-relis2021-francais-finale-web.pdf

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

D'Regierung ass, opgrond vun de sanitären a soziale Risiken déi mam Konsum vu Kokain verbonne sinn, net en Faveur vun enger Legaliséierung.

La Ministre de la Justice

Elisabeth Margue